N°3776
Entrée le 08.04.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro N° 3776 vum 17. März 2026 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen zum Sujet "Analyse de la situation du personnel dans le TICE".**

1. **Gouf et eng ëffentlech Ausschreiwung fir dës Consultance a falls jo, wat ass d'Referenznummer?**

An der ëffentlecher Sëtzung vum 29. Januar 2026 gouf en zousätzleche Kredit vun 300.000 EUR gestëmmt en vue vun enger méiglecher Consultatioun vun engem externe Prestataire. No dem Artikel 119 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 däerfen nei Engagementer eréischt dann agaange ginn, wann déi néideg Budgetskreditter vum Gemengerot decidéiert goufen. D'Stëmme vum zousätzleche Kredit geschitt deemno ier d'Ausschreiwung lancéiert ka ginn. Zum Zäitpunkt vun der Sëtzung vum 29. Januar 2026 konnt also nach keng Ausschreiwung gemaach ginn.

2. **Goufen am Fall vun dëser externer Consultance d'Reegelen am Beräich vun de Marchés publics respektéiert?**

Well bis elo nach keng Ausschreiwung duerchgefouert konnt ginn, stellt sech dës Fro zum aktuellen Zäitpunkt net.

3. **Wéi iwwerpréift de Ministère als Tutelle-Instanz vun de Gemengen, datt kommunal Syndikater, wéi den TICE, sech un dës gesetzlech Virschrëften halen? Wat kann den Inneministère maachen, wa Gemengesyndikater sech net un d'Reegelen halen?**

D'Marchéskontrakter déi vu Gemengen oder Syndikater ofgeschloss goufen ennerléien, op Basis vum Artikel 50 vum ofgeännerte Marchésgesetz vum 8. Abrëll 2018, engem Kontrollmechanismus. Den Inneminister kann an dem Kontext ee Marchéskontrakt dee géint d'Gesetz oder den Intérêt général verstousse géif an engem Delai vun 8 Deeg suspendéieren, respektiv an engem Delai vu 40 Deeg annuléieren.

4. **Ass et am Aklang mat de Prinzippie vum Sozialdialog, wann eng extern Analys betreffend der Personalsituatioun duerchgefouert gëtt, ouni d'Personaldelegatioun mat Zäiten am Virfeld z'informéieren oder ze consultéieren?**

Dat ëmgeännert Gesetz vum 24. Dezember 1985 iwwer de Statut vun de Gemengebeamten zielt a sengem Artikel 47 limitativ déi Situatiounen op wou d'Personaldelegatioun muss consultéiert ginn. D'Ausschreiwung vun enger Consultatioun vun engem externe Prestataire betreffend d'Situatioun vum Personal fält net ënner d'Bestëmmunge vum virgenannten Artikel 47 an ënnerläit ausschliisslech der Kompetenz vum Bureau vun engem Syndikat.

5. **Gesäit de Minister an dësem Fall, dass eng nei Prozedur fi r eng extern Consultance zesumme mat der Personalvertriedung misst lancéiert ginn, fir d'Neutralitéit vun der Analyse ze garantéieren?**

Nee.

Lëtzebuerg, den 8. Abrëll 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden